

d'Zeitung vum Naturmusée fir jonk Leit

DE PANEWIPPCHEN

6-12
Joer



D'Stad vun der Zukunft

Den Äppelbam

N° 151 3/2025
4x pro Joer

NATUR
MUSÉE

D'Sprangspann «*Saitis barbipes*» gouf zu Lëtzebuerg entdeckt!

Dës butzeg Spann souz enges moies bei eisem Fuerscher Guy Colling op der Kichemauer. Wéi säi Meedchen, d'Aurélië, gesinn huet, datt dës Spann e rout Band ronderëm hire Kapp huet, huet de Guy net laang gezéckt an d'Aurélië gebieden, dës super Foto ze maachen. Well hie wosst: Dës Spann gouf bis elo nach ni zu Lëtzebuerg gesinn.

Dat ass och logesch, well d'***Saitis barbipes*** huet d'Hëtzt gären an hält sech léiwer am Süde vun Europa op.

Ma mam Klimawandel an der Verännerung vun den Temperaturen op der Äerd gëtt et och bei eis méi waarm – an dofir huet d'*Saitis barbipes* sech wuel geduecht, datt et bei eis bestëmmt och ganz flott ze wunnen ass!



Esou Entdeckunge si ganz wichteg fir d'Fuerschung, well se weisen, wéi an ob Déiere sech un de Klimawandel upassen a wat hir Strategië sinn. An dësem Fall war d'Strategie: „Ech maache mech op de Wee an den Norden, well am Süde vun Europa, do gëtt et mir ze waarm“.

Glasklore Beweis!

D'Glaskraut ass zeréck!



Kenns de dat: Du sichts eppes, ma fënns et net, well et virun denger Nues läit?

Ma esou ass et Fuerscher:inne vum Musée ergaangen! Si hunn net schlecht gestaunt, wéi si bei engem Fuerschungsweekend op eemol direkt ëm den Eck vum Musée dat **grousst Glaskraut** (*Parietaria officinalis*) entdeckt hunn. Dat grousst Glaskraut gouf fir d'lescht 1933 an der Stad gesinn. Dowéinst gouf laang geduecht, et wier ausgestuerwen. An ëmsou méi frou si mir, datt mer et elo erëmfonnt hunn!

Iwwregens: Den Numm kënnt net vun ongeféier... Fréier gouf d'Glaskraut geholl, fir Glas domat ze botzen.





PW 3/2025



Wéivill faarweg gemoolte
Spanne fënns du an dësem
Panewippchen?
Vill Spaass bei der Sich!

Wat ass dran?

SÄIT 1

DE PANEWIPPCHEN 3/2025

Thema:

SÄIT 2

NEIES

Neiegkeeten aus dem Naturmusée

SÄIT 4

D'STAD VUN DER ZUKUNFT

SÄIT 8

DE GAARDEROUTSCHWANZ

SÄIT 10

KNIWWELN

Focaccia

SÄIT 12

FIR KLENG LIESRATEN

Den Äppelbam

SÄIT 14

KNIWWELN

Recycelt Fléidéieren

SÄIT 15

SCIENCE INFLUENCER

Mam Selma Weber

SÄIT 18

EIS FRËNN MAT DEN 8 BEEN

Spu

SÄIT 28

RÄTSELEN

Setz all Champignon säi richtegen Hutt
op - Hëllef dem Kéiseker de Wee ze
fannen

SÄIT 29

FIR MATZESANGEN

Halli Hallo, d'Äppelzäit ass do!

SÄIT 30

BERUFFER AM NATURMUSÉE

Mam Alex Weigand

SÄIT 36

ECHT VILLERCHERSNIMM

SÄIT 38

KNIWWELN

Fëschkniwwel

Impressum

SÄIT 40

Naturmusée




Léisung vun de Rätselen:

An dësem Panewippchen verstopp
sech 47 faarweg gemoolte Spannen.

Poster

Hauschmuel

Säit 37



Säit 28



Hëllef dem Kéiseker de Wee bei seng
Wäterschlopp ze fannen!



D'STAD VUN DER

An Zukunft wunnen ëmmer méi Leit a Stied. Bis 2050 liewen zwee Drëttel vun der Weltbevëlkerung an enger Stad.

Zu Lëtzebuerg wunnen lo schonn 9 vun 10 Leit an der Stad.

A ville Stied ass et hektesch, et ass vill Kaméidi, d'Loftqualitéit ass schlecht an am Summer gëtt et duerch déi staark bebaute Plazen immens waarm. Doduerch kréien d'Leit an de Stied verschidde gesondheetlech Problemer, zum Beispill Stress an Häerz-Kreeslaf-Erkrankungen.

WOUSST DU SCHONN?

- Planze maachen net nëmme Schiet, mee si verdonste Waasser a kënnen d'Loft doduerch bis zu 12°C ofkillen.

- Do wou Planze si kann d'Reewaasser besser versickeren, sou kënnen Iwwerschwemmunge verhënnert ginn.

- Planze produzéiere Sauerstoff a späicheren de Kuelendioxid.

- Dës 2 Héichhaiser stinn zu Mailand an Italien a gi «Bosco verticale» genannt. Iwwersat heescht dat: «vertikale Bësch».

- Planze filtere verschidde Schuedstoffer aus der Loft.

- Beem kënnen de Kaméidi dämmen.




ZUKUNFT

INTERVIEW MAM JAN KAMENSKY

(fir de Panewippche gekierzt, ugepasst
a vun däitsch op Lëtzebuergesch
iwwersat)

De Jan Kamensky ass een Hamburger
Kënschtler a beziechent sech selwer
als digitale Gäertner.

Kennt du dës Plaz? Sou gesäit se
am Jan senger Virstellung aus!



*Du kannst de QR-
Code scannen fir
de ganze Video
ze kucken.*

Léiwe Jan, wat ass däi Beruff?

Ech si Videokënschtler: ech maache
Filmer an deene sech Plaze vun haut
an eng Welt verwandelen, déi anescht
ass wéi gewinnt. Aus Stroosse mat vill
Kaméidi gi gréng Plaze fir Mënschen.

Wat mécht een digitale Gäertner?

Ech schaffe mat verschiddene
Computerprogrammen, mat deenen
ech Beem a Planzen uséie kann.
Sie wuessen a bléien da leider just
am Film. Mee et weist wéi et kéint
ausgesinn, wa se wierklech géinge
wuessen.



Wat brauchen d'Mënsche fir sech an enger Stad wuel ze fillen?

D'Mënschen hu verschidden Interessen a Wënsch. Mee e puer Saache si fir ons all wichteg: mir brauche Plaze fir zesummen ze sinn, fir ze spillen, ze entspannen a fir ze schaffen. An der Stad vun der Zukunft liewen d'Mënschen an Harmonie mat hirer Ëmwelt. An d'Stad vun der Zukunft schützt d'Mënsche virun de Klimaverännerungen.



Probéiert dat direkt mat ärer Schoul aus a maacht mat beim Challenge op der nächster Sait!

Wéi ee Message wëlls du onse Lieser mat op de Wee ginn?

Sicht iech eng Plaz, déi voller Autoen ass, an déi dir net schéi fannt. Da stellt iech vir, wéi dës Plaz misst ausgesi fir datt dir si schéi fannt. Dir kënnt dat molen oder een Text dozou schreiwen. Dir kënnt dat op ville Plaze probéieren. Wéi kéinten dës Plazen an der Zukunft ausgesinn?

AM PANDA CLUB:

An esou stelle sech d'Kanner vum Panda Club hir Stad vun der Zukunft vir:

Dës Biller goufe während enger Aktivitéit vum Panda Club mat engem Computerprogramm erstellt.





D'SCHOUL VUN DER ZUKUNFT - DEN CHALLENGE!

Maach och du mat bei onsem Zukunftschallenge:
Mir sichen d'Schoul vun der Zukunft!

Gëff selwer kreativ an erschaf **deng Schoul**
vun der Zukunft. Du kanns se molen, mat Lego
bauen, mat verschiddene Materialie bastelen.
Denger Fantasie si keng Grenze gesat.

Schéck ons bis den 10.11.2025 eng Foto vun
denger Schoul vun der Zukunft u
panda-club@mnhn.lu
a gewann ee flotte Präis fir déi kreativsten Iddi.



KOMM AN DE MUSÉE!

Komm an de Musée a kuck dir
ons flott Ausstellung iwwer
d'Biodiversitéit an der Stad un. Hei
kanns du dir dem Jan Kamensky
seng Videoanimatiounen iwwer
verschidde Lëtzebuerger Plazen
ukucken.



Blo Eeër am Bongert

Du kanns de Gaarderoutschwanz am ganze Land gesinn. Hie wunnt a Bongerten, Parken, Lafbëscher an och an den ale Minièren.

De Gaarderoutschwanz ass ee vun onse schéinste Vullen:

d'Madamm

grobronge Réck

an e roude Schwanz

beige Bauch

den Här

wäiss Stier

groe Réck

routbronge Bauch

Gartenrotschwanz, rougequeue à front blanc, common redstart, *Phoenicurus phoenicurus*

D'Madamm ka mam Weibche vum Hausroutschwanz verwiesselt ginn, dat awer méi däischer ass. De Männche vum Hausroutschwanz ass schwaarz mat engem wäisse Fleck am Flillek an huet och e roude Schwanz.



Hausroutschwanz

an natierlech e roude Schwanz

hüt ...
tic tic tic ...

Moies fréi, ier d'Sonn opgeet, fänkt de Männche schonns u mat sangen. Well hien dobäi op der Spëtzt vun de Beem steet, ass hie meeschtens gutt ze gesinn.



Fir sech de schéine Männchen ze maachen, klaut hien esouguer heiansdo Deeler vum Gesang vun anere Vullen. Dat schéngt de Weibercher ze gefallen.



Säin Nascht aus Grashällem a Moos baut de Gaarderoutschwanz a Bamhielen, Lächer an de Maueren oder de Fielsen an och a Vullenhaiser.



schwaarzt
Gesicht

19mm



15mm


D'Weibche leet 5 bis 8 blo Eeër. No ongeféier 14 Deeg klammen d'Jippelcher aus den Eeër. Si bleiwen zwou Wochen am Nascht a gi vu Mamm a Papp gefiddert.

E Gaardeschléifer huet d'Nascht vum Gaarderoutschwanz an engem Vullenhaus fonnt an d'Eeër gefriess.



De Gaarderoutschwanz lauert op Straicher, Beem a Pottoe fir Spannen oder Insekten, wéi Kiewerleken, Päiperleken, Heesprénger a Mécken ze entdecken. Dës Béische fänkt hien dann normalerweis um Buedem. Am Hierscht stinn och nach Bieren a Friichten um Menü.

an Ciao ...



Well de Gaarderoutschwanz haauptsächlech Insekten frësst, fënnt hie bei ons am Wanter net méi genuch fir z'essen. Fir net ze erhéngere, flitt hien am September bis an Afrika, wou hie südlech vun der Sahara iwwerwantert.

Op der Rees ass de Gaarderoutschwanz meeschtens nuets ënnerwee, esou datt hien am Dag raschten oder säin lesse siche kann. Ufank Abrëll kënnt en erëm zeréck an ons Géigenden.

KNiWWEL

Schnell Focaccia

Du brauchst:

250 gr Miel

½ TL Salz

1 Pak Dréchenhief

1 Mozzarella

Tomaten

150 ml wotlecht
Waasser

Kraider

Miel, Salz an Hief an
enger Schossel mëschen.

4


Den Deeg 1 Stonn mat
engem Duch zoudecken a
bei d'Heizung stellen.

6

Focaccia bei 250°C
10-12 Minutte baken.


2

An d'Mëtt ee klengt Lach
maachen an d'Waasser
dra schëdden.



3

Elo den Deeg mat den
Hänn kniede bis et eng
Bull ass.



1



4 kleng Focacciae formen
a mat Mozzarella a
Kraider beleeën.

5





Den Äppelbam

Scho virun iwwer 3000 Joer hunn

d'Mënschen Äppel gezillt.

Den Apel ass dat Uebst, dat d'Leit
zu Lëtzebuerg am léifsten hunn.



An engem Bongert* gëtt Uebst gezillt.

Bongerte si wichteg, well hei och
ganz rar Déiere wunnen.

*Wiss mat Uebstbeem

Dee Steekauz huet Chance.

Hien huet an engem ale Bongert eng
Bamhiel fonnt a wunnt elo dran.



Am Fréijoer bléien d'Äppelbeem.

D'Bommel sicht an de Bléien no

Nektar a Polle fir z'iessen.



Am Hierscht sinn d'Äppel zeideg.

Wa se vun de Beem falen, schloe vill

Déiere sech de Bauch voll.

D'Lara ésst gär e réien Apel.

Hatt nammt och gär Kompott,

Viz, Äppelschnëtz, gebaken Äppel

an Äppeltaart.



Et gétt vill Dausende vun

Äppelzorten. Am Buttek kanns du

awer nëmmen e puer Zorte kafen.

KNiWWEL

Recycelt Eilen

1

Diebel eng eidel Rull
Toilettépabeier op enger
Säit era wéi op der Foto.



2

Sträich se un
a mol Aen, e
Schnieuwel,
Fiederer a
Féiss drop.



Pech 2 Blieder fir
Filleken hannendrun.

3



Science Influencer

Hues du e Virbild?

E Mënsch deem s du bewonnens, deen dech begeeschtert, deen der eng Welt opmécht an dech op dengem Wee begleet?

Jo, d'Selma hues ,een', deen et immens inspiréiert hues an òm déi richtig Richtung gewisen hues. Et ass awer kee Mënsch...

Et ass
d'**Klimakommunikatioun**,
eng Fuerschungsrichtung.



D'Selma Weber schafft ,an der Komm', hatt ass Responsabel fir d'**Kommunikatioun*** an d'Öffentlechkeetsaarbecht vum Naturmusée. Hatt suergt dofir, datt d'Informatiounen fléissen, souwuel tëscht deene verschiddenen Departementer vum Naturmusée, wéi och no baussen.

Well all Mënsch soll wëssen, datt den Naturmusée am Gronn steet, wat grad an der Ausstellung leeft, u wat eis Wëssenschaftler a Wëssenschaftlerinne schaffen, oder wéi ee sech ka fir e Camp mam Panda-Club umellen.

D'Selma schafft och mat un der Redaktioun vum ,Panewippchen', këmmert sech ëm den Internetsite (mnhn.lu), Social Media   , d'Ufroen vun der Press (Zeitung, Radio, Tële) a villes méi.

* Mir schwätze vu Kommunikatioun wann Informatiounen ausgetosch ginn. Dës Iwwerdroung ka mëndlech, schrëftlech, iwwer Biller, duerch Kierpersprooch... geschéien.

Du hues bestëmmt scho vun der
Klima- a Biodiversitéitskris héieren?

Mir müssen als Gesellschaft e Wee fanne fir
d'Temperaturerhéijung an de Réckgang vun der
biologescher Villfalt opzehalen.

D'Selma war schonn als Studentin zu Berlin
immens interesséiert um Theema, huet sech
vill informéiert a probéiert säi Liewensstil esou
klima- an ëmweltfrëndlech
wéi méiglech ze maachen.



D'Selma huet mat enger
Studiekolleegin, dem Sophie Michel,
e Projet iwwer d'Klimakommunikatioun
ausgeschafft. Hire Projet gouf als ee vu
6 Projekten ausgewielt, déi sech beim
«Climate Story Lab» virstelle konnten.
Eng grouss Chance!

with Sophie Michel & Selma Weber



Huet dat wat ech
maachen iwwerhaupt e
Wäert?

Kann ech eleng dann
eppes änneren?

Ass et net souwisou
scho vill ze spéit?

Awer, wat hatt sech méi mat der Kris beschäftegt
huet, wat et méi eng Kris kritt huet!

Esou Suergen ëm eis Zukunft verspiere vill Leit. Dës
Klima-Angscht ka richteg stressen oder souguer
lämen: et mécht ee guer näischt méi! An dat ass
genee de Géigendeel vun deem, wat geschéie muss.
Mir **mussen** handeln!

Mee: datt d'Mënschen d'Fleem hunn an trotz der
dramatescher Situatioun net handeln, huet e Grond,
nämlech d'Aart a Weis, wéi iwwer de Klimawandel
geschwat gëtt.

D'Selma bei senger leschter
Klimademo zu Berlin, ier hatt no
9 Joer nees zréck op Lëtzebuerg koom.



Et ass op der Websäit **Klimafakten.de**
wou d'Selma Piste fonnt huet wéi een dat kann
anescht maachen. D'Klimakommunikatioun
ass eng Fuerschungsrichtung, déi sech domat
beschäftegt, wéi ee besser iwwer déi Kris
schwätzt - eben esou, datt een net méi
bei all Noriicht eng Kris kritt!

Hei e Beispill:

Zil: Mënsche motivéieren, manner den Auto ze huelen a méi den öffentlichen Transport
oder de Velo ze notzen.

Schlecht Klimakommunikatioun:

Fir eis Klimaziler ze erreechen, musse mer
dréngend op de privaten Auto verzichten
- nëmmen esou kënne mer CO2-
Emissiounen aspueren! Also fort mam Auto
- nëmmen nach öffentlichen Transport a
Vëloen an eiser Stad erlaben!

➡ Dat as ze radikal, et üübt Drock aus
an demotivéiert. Et kann dozou féieren, datt
d'Leit aus Trotz awer mam Auto fueren.



Gutt Klimakommunikatioun:

Stell der vir: Eng Stad, an där ganz wéineg
Autos fueren... Héiers de d'Villercher
päifen? Spiers de déi propper Loft an
denge Longen? Gesäis de d'Leit op de
Bänken, Spillplazen, Terrassen ënner de
Beem setzen, well méi Plaz an der Strooss
ass? Häss du net och Loscht op esou eng
Stad?

➡ Dat motivéiert, mat enger flotter
Visioun. Wann een de Leit erkläre kann,
firwat eppes sech och fir si lount, da
maache si dës och léiwer.


Dës 'Wëssenschaft vun der
Klimakommunikatioun' huet d'Selma
sou staark fasziniert, datt hatt dat weider
studéiert huet. Lo probéiert hatt, de Mënschen
zwar éierlech ze soe wou mer dru si mat der
Klimakris, mee och hinnen d'Informatiounen esou
matzeginn, datt se net direkt de Kapp an de Sand
stiechen. Well eppes ass sécher: Mir müssen eise
Liewensstil änneren. Ma wa mer dës souwisou
maache müssen, dann dach och am
beschten esou, datt d'Resultat
eis duerno gefällt!



Dem Selma säin
éischte Virtrag iwwer
Klimakommunikatioun
op der Klimafoire an
der Luxexpo.

Lauschter dem Selma säi Podcast, deen als Masterarbeit
op der Uni ugefaang huet an dono weidergefouert gouf.





Am
Hierscht gëtt et
dobausse kal a fiicht. Da
verfuusse mir Spannen eis gär
an d'Haus, wou et waarm
an dréchen ass.

Musseg Matbewunner



Eis Frënn mat den 8 Been



D'Spanne si ganz nätzlech Déieren.

Si friessen Insekten déi eis ploen, wéi Mécken a Mustiken.

D'Insekte gi vun der Luucht ugezunn.


Am Hierscht hale si sech gär an den Haiser op, well d'Luucht hei méi laang un ass wéi am Summer. An d'Spanne ginn hirem Fudder no, dofir kommen och si am Hierscht gär an d'Haiser.

Am léifsten hunn d'Spannen e Keller, e Späicher oder e Schapp, well si do net gestéiert ginn. Bei eis an der Wunneng verzéie si sech an e rouegen, däischteren Eck.

Keng Panik! D'Spanne bei eis sinn **NET GËFTEG** a si doen eis näischt! Am Géigendeel: Si fäerten eis a maache sech aus dem Stëbs, wa mir hinnen ze no kommen.




Net jiddereen ass frou mat Spannen. MEE, wannechgelift, géi net mat Staubsauger, Zeitung oder Schung op eis kleng Frënn lass. Fänk se a setz se eraus, si siche sech dann en neien Ënnerdaach. Kuck hei:



An, wann s du d'Chance hues eng Spann doheem an engem Eck ze gesinn, hupp dech ganz roueg a lues doniewent a kuck si mol genee. Spanne si ganz schéin Déiercher mat hire villen Aen, hiren 8 rengen Been an hirem schéine muussege Kierper!

Den Trick mam Glas:

Setz en eidelt Gebeess- oder Waasserglas iwwer d'Spann. Rutsch lues e fest Blat Pabeier drënner. Hal de Pabeier fest ënner dem Glas an dro d'Spann eraus a looss se lafen.



Déi heefegst Spannen, déi bei eis an den Haiser wunnen, sinn:

d'Hausspann, och Kellerspann genannt,

Hauswinkelspinne, *tégénnaire domestique*, domestic house spider, *Tegenaria domestica*

Si leeft no bei Mënschen, a Kellere, Schäpp a Scheieren.

Si leeft eleng an ass nuets ënnerwee.

Si baut en Triichernetz, dat si all Nuecht nei mécht.

Si frësst Insekten, déi méi kleng si wéi si.

Si gräift näischt un, wat méi grouss ass wéi si.

Wa si gestéiert gëtt, leeft si fort oder
rullt sech zu engem Ball zesummen.

7 - 11,5 mm

Broschtpanzer:

hellocker bis brong-gro,
Zeechen a Flecke
laanscht d'Säiten

Hannerleif:

hellbrong-gro
gemustert.

muusseg Hoer

Been:

gierzeg mat bronge
Réngelen oder Flecken

2-3 mol sou laang
wéi de Kierper

vill Buuschten

Aen:

8 Aen,
6 kucken no vir

Si ka séier lafen, och iwwer grouss Strecken.

an déi grouss Hausspann

10 - 18 mm

8 Aen, an 2 Reien iwwereneen,
gesäit just hell an donkel

Aen:

Been:

unis brong

2-3 mol sou laang
wéi de Kierper

vill Buuschten
a reng Hoer

Hannerleif:

hell-donkel
gemustert

Broschtpanzer:

donkelbrong
mat hellbronger
Zeechnung, mat
2 helle Sträifen
op all Sait

Si leeft an Hielen an dréchene Bëscher, och an Haiser.

Si leeft eleng an ass nuets ënnerwee.

Si baut onuerdentlech Triichernetzer.

all 3 Wochen eng Méck geet hir duer.

Si frësst Insekten, déi méi kleng si wéi si.

Si leeft virun allem fort, wat méi grouss ass wéi si.

D'Hoer sinn dat wichtegst Sënneseorgan,

si spiert all Beweegung domat.

Si
ka ganz séier
lafen, eng grouss
Hausspann ass 0,53 m/
Sekonn gelaf a stoung
am Guinness Buch vun de
Rekorder als déi séierst
Spann vun der
Welt!

Große Winkelspinne, *tégénnaire noire*, giant house spider, *Eratigena atrica*



Spannend Spannen!

Spanne gëtt et schonn
ongeféier 300 Milliounen Joer,
si hunn also scho virun den
Dinosaurier gelieft.

Aktuell hunn
d'Mënsche schonn
ëm déi 45.000
verschidden Aarte
Spannen op eiser Welt
entdeckt.

Spannend Fakten:



All d'Spannen hunn
8 Been*, 6-8 Punktaen
an 2 Kierperdeeler.

*Insekten hu 6 Been



Spannen hu ganz kleng Organer, si
hunn och en Häerz an ee klengt Gehier.

Kleng Spanne kënnen 1 Joer al ginn,
grousser bis zu 30 Joer.



Déi gréisst Spann ass d'Tarantel, hire
Kierper huet e bësse méi wéi 10 cm.
D'Risentarantel ka mat de Bee souguer
bis zu 30 cm grouss ginn, dat ass esou
grouss wéi eng Panewipperchersäit.

D'*Patu Digua* ass déi klengst Spann a si
huet knapps 0,4 mm, sou grouss wéi e
Spéngelskapp.



Déi schwéierst
Spann gëtt bis 130 g
schwéier.

D'Spanne leeën Eeër. All d'Eeër ginn
zesummen an eng Popp geluecht. Dës
Popp spénnt déi weiblech Spann selwer
aus engem Seidefuedem, fir d'Eeër ze
schützen. D'Spann leet d'Popp dann
an d'Natur oder si dréit se
um Kierper.




Fir ze wuessen
haiten d'Spanne
sech.
Si leeën hier al Haut
of a kréien eng nei.



Wat iesse Spannen?

Si iessen haaptsächlech Insekten, wéi z. B. Seechomessen, Mécken, Kiewerleken oder och aner Spannen. Si kënnen awer och méintelaang iwwerliewen ouni lessen.

Spannen hu keng Zänn, dofir kënnen si just Flëssegess iessen. Si sprëtzen e Verdauungssaft an oder op hiert Affer, a suckelen dono alles eraus. Dono bleift just nach en eidele Panzer oder eng Haut iwweg.



D'Spannennetz:

D'Spann huet bei hirem Hënneschten eng Drüs, mat där ka si Seidefiedem spannen.

D'Spannennetz besteet aus pechege an net-pechege Fiedem.

D'Spann weess ganz genoe wéi eng Fiedem net pechen. Dës Fiedem benotzt si fir sech op hirem Spannennetz hin an hier ze beweegen ouni pechen ze bleiwen. Un de pechege Fiedem bleiwen d'Insekten hängen.



Seidefiedem
net-pechege Fiedem
pechege Fiedem
(mat Drépsecher)



Faldirspann



Waasserspann




Mm'e Kiewerlek ass an d'Netz gaangi!



D'Spannennetz ass natierlech super praktesch fir lessen ze fänken, mee d'Spannen hunn nach aner Methoden entwéckelt fir sat ze ginn.

Et ginn z. B. Faldierspannen, déi gruewe Lächer a waarde bis en anert Déier dra fält. Waasserspanne ginn um Waasser op d'Juegd a Sprangspanne sprangen op hiert Affer. D'Späizspanne sprutze vu wäitem Laim op d'Insekte fir se festzepechen an da gemittlech auszesuckelen.



Hues du Angscht viru Spannen?

Naturvëlker an Indonesien oder Brasilien, wou et vill gëfteg Spanne gëtt, hu keng Angscht viru Spannen.

D'Gréisst vun enger Spann seet näischt driwwer aus, wéi gëfteg si ass.

Nëmme ganz wéineg Spanne si fir de Mënsch wierklech geféierlech. D'Gëft vun enger Vullespann ass z. B. ze schwach fir e Mënsch ëmzebréngen.

Geféierlech Spanne sinn: Bananenspann, Triichernetzspann, Schwaarz Witfra. All dës Spanne gëtt et net bei eis zu Lëtzebuerg. Dir braucht also iwwerhaupt keng Angscht viru Spannen ze hunn.



Déi vergës

Viru laanger Zäit gouf et emol eng Spannemamm an e Spannepapp, déi haten e kleng Spannejong, dee Spinny geheescht huet. Si hunn him vill bäibruecht an hunn hien alles geléiert, wat e Spannekand wësse muss. A wéi de Spinny alles geléiert hat, wollt hien eraus an d'Welt, fir Abenteuer ze erliewen.

D'Eltere waren e bëssen traureg wéi et sou wäit war, mee hu gutt verstan, datt de Spinny eleng op Abenteuerrees wollt goen. Beim Äddi sot de Papp zum Spinny: "Vergiess net, et gëtt 3 wichteg Saachen, déi s du muss verhalen a maachen, fir um Liewen ze bleiwen: Netzer spannen, Mécke fänken an d'Kanner erféieren!" "Kee Probleem!", sot de Spinny, well hie wousst, wat mat de Spanne géif geschéien, déi vergiessen d'Kanner ze erschrecken. Si landen ënner engem Schong! De Spinny huet sengen Elteren eng Bees ginn an ass op all sengen aacht Bee fortgetrëppelt.

Den Ufank war schwéier fir de Spinny. Hie wousst net wouhin e sollt goen. Seng riets Been wollten no riets, dunn ass hien esou laang no riets gaang, bis seng Been erëm no lénks wollten. Esou ass dat Hin an Hir-Gewackels eng Zäitche gaang. Dertëschent huet de Spinny sech am Krees gedréint, bis e ganz dronke war. Awer zu gudder Lescht hu seng aacht Been sech gëeenegt, fir riichtaus ze goen.



serlech kleng Spann

Op emol war de Spinny op enger Plaz ukomm, déi him gutt gefall
huet. Et war en Zëmmer mat faarwege Maueren, Regaler a Këschten,
an et stounge vill Saache ronderëm, wou hie konnt en Netz spannen.
Also huet de Spinny ugefaang ze schaffen an huet Netzfiedem
gezunn, mol hei, mol do. Hie wollt en extra schéint
Netz spannen an huet sech vill Méi ginn. Dobäi huet hie missen u
sengem Papp seng Wieder denken: Netz spannen, Mécke fänken,
Kanner erféieren, Netz spannen, Mécke fänken, Kanner erféieren,
Netz spannen, Mécke fänken, ...
UPS, wéi war scho méi dat Drëtt? De Spinny huet iwwerluecht,
awer hien hat komplett de Fuedem verluer a wusst net méi weider.
Säi Kapp huet sou gedämpft, datt e sech a sengem Fuedem beim
Netzspanne verhuddelt huet. Hien huet e bësse gebraucht, fir
nees vu senge pechege Fiedem lass ze kommen. Hien huet weider
iwwerluecht, mee et wollt him net méi afalen, wat dat Drëtt war.

Et ass Owend ginn, a wéi et däischter war, ass op emol d'Luucht
ugaang. E klenge Jong kour an d'Kummer an huet sech op säi
Bett gesat. De Spinny huet him intresséiert nogekuckt. Dunn ass him
agefall, datt dat Drëtt eppes mat Kanner ze dinn hat. Awer wat?
Vläicht géif e sech jo drun erënneren, wann en de Jong vu méi no
géif kucken. Hien ass e bësse méi no gekrabbelt.



O mei, de Jong war grouss, an elo huet en en och nach mat senge risegen Aen entdeckt! De Spinny ass erschreckt zréckgekrabbelt. Hien huet um ganze Kierper geziddert a wusst net, wat en elo sollt maachen, well de Jong ass op hien duergang. De Jong huet de Spinny, deen ängschtlech am Eck souz, ganz virwëlzeg ugekuckt.

Duerno ass de klenge Jong bei de Schaf gaang, huet en Tirang opgemaach a koum zréck. An dat war genee deen Ament, wou et dem Spinny nees agefall ass: Hie sollt d'Kanner erfëieren, well soss géif en ënner engem Schong landen. O neen, wéi konnt hien dat nëmme vergiessen! An elo war et ëmgedrënt, de Jong hat hien erschreckt! An elo souz de Spinny an engem Eck a konnt net fortlafen!

De Jong huet sech beweegt an eppes iwwer hie gehal - bestëmmt kéim elo de Schong, mat deem de Jong géif zouschloen. "Hëllef! Hëllef!" De Spinny huet d'Aen zougepëtzt, awer näischt ass geschitt. Hien huet eng Zäitche gewaart a lues erëm een Aen opgemaach. De Jong huet eng riseg Lupp iwwer hie gehal an hie ganz virwëlzeg gekuckt.



Am Fong huet de Jong net rosen ausgesinn, mee éischter frëndlech a virwëlzig. De Spinny huet léiwer mol léif gegrinst a gesot: "Hallo!" "Hallo!", huet de Jong iwwerrascht geäntwert. "Wéisou kënne Spanne schwätzen?" "Ech weess et net", sot de Spinny ziddereg. "Vläicht huet nach kee probéiert mat enger Spann ze schwätzen", huet hien haart iwwerlue. "Jo! Warscheinlech ass et esou", huet de Jong geäntwert. "Iwwregens, ech sinn de Yann." "A mäin Numm ass Spinny an ech hat vergiess, dech ze erschrecken", huet de Spinny zouginn. "Dann hat ech jo nach eng Kéier Chance!", huet de Yann gelaacht. "Wow! Du hues jo wierklech aacht Been, dat ass super!" "Jo, also, dofir kann ech ganz séier an all Richtung lafen", sot de Spinny houfreg. "An du hues fënnef Fangeren un der Hand. Dat fannen ech och super." "Jo, ech hu souguer zwou Hänn mat fënnef Fangeren", sot de Yann voller Freed.

Déi zwee hu gelaacht an et huet net laang gedauert, du waren déi zwee bescht Frënn.


De Spinny huet dem Yann seng Kummer propper gehal vu Mécken a Mustiken. An de Yann mécht all Dag d'Fënster op, fir neit Fudder fir säi Frënd eranzekréien. Dem Yann seng Mamm huet sech vun deem Dag u gewonnert, datt hie säin Zëmmer all Dag gutt geléift huet, an ni méi no engem Hausdéier gefrot huet.

*eng Geschicht geschriwwen vum Barbara Schniebel
a fräi iwwersat op Letzbuergesch*



PRÄTZSEL

Setz all Champignon säi richtigem Hutt op!



1 Härendréischel, Steinpilz - 2 Käscheschwamp, Maronenröhring - 3 Héngerfouss, Pfifferlin - 4 Parasol, Riesenschirmling - 5 Grénge Mäerder, grüner Knollenblätterpilz - 6 Wischchampignon, Wiesenchampignon - 7 Méckeprabbeli, Fliegenpilz


Hëllef dem Kéiseker de Wee bei seng
Wanerschlofplaz ze fannen!





Halli Hallo, d'Äppelzäit ass do!

D'Musek an eng gesonge Versioun vum Lidd fënns du op mimamu.lu/pw





BERUFFER AUS D



Wéi
heeschs du?

Ech sinn den Alex



Wat ass däi
Liblingsiessen?
Pizza Frutti di Mare

Hues du eng
Liblingsfaarf?

Turquoise



Wat ass däin Hobby?
Tennis



EM 'NATUR MUSÉE'

Interview mam Alexander Weigand,
Zoolog aus dem Naturmusée



Wat
ass Zoologie?

Wat schaffs du am
Naturmusée?

Ech si Fuerscher an der
Zoologie.

Dat ass d'Fuerschung
vun den Déieren.



U wat schaffs du am Moment am Musée?

Ech schaffen haaptsächlech un 3 verschiddenen Theemen:

Wëllbeien:
do maache
mir en Atlas.
An dësem

kann een d'Verfalt vun
de Wëllbeien zu Lëtzebuerg
nokucken. Et gesäit een och
d'Verbreedung, also wou genoe
d'Wëllbeie liewen. Wann eng nei
Zort op Lëtzebuerg komm ass
oder ob eng Zort ausgestuerwen
ass.



Zecken: bei eis zu
Lëtzebuerg hu mir bis
elo 14 verschidden
Zorten nogewisen. Mir
kucken hei, nnowéi eng
Krankheeten d'Zecken a
sech droen a wou se am
heefegste virkommen.



Hien- a Grondwaasserdéieren:
mir kucke wien an eisen Hiele leeft
a wéi den Zoustand dovun ass. All
6 Joer gi mir do ee Rapport un de
lëtzebuerger Ëmweltministère an

un d'Europaparlament weider.
**An eisen Hiele fënnt een z. B.
Grondwaasserfloukriibsen
ouni Aen an ouni
Kierperpigmentéierung.**





Wou schaffs du?

Ech schaffen am Büro um Computer, an eisen zoologesche Sammlungen, bestëmmen d'Déieren, an ech sinn och vill dobaussen um Terrain. Wéini ech wou schaffen hänkt ganz vill vun der Joreszäit of.



Wat brauchst du da fir Material dobaussen um Terrain?



Dat hänkt dovun of wat ech sichen. Ech brauch z. B. oft ee **Kächer**, ee klengt Glas mat Alkohol fir déi kleng Déieren ze konservéieren an eng **Fiederstolpince** (déi ass ganz licht a mécht d'Déieren net futti).




An och eng Hieleluucht, e Sift, ee Schlatz an ee grousst wäiss Duch, mat deem ginn ech duerch d'Wiss an da bleiwen Zecken drop hängen.



Schlatz
(= stabillen Overall fir an d'Hielen ze goen)

Hielenequipement



Wat war deng spannendst
Entdeckung?

Do gëtt et der zwou:

Een Zant vun engem Hielebier aus der Äiszeit
hunn ech an enger Hiel fonnt.



Zospeum tholussum

An ech hunn ee ganz kleng
„Gummibiereschleek“ entdeckt
an dëse fir déi éischte Kéier op
der Welt beschriwwen. Doriwwer
gouf op der ganzer Welt bericht.



Wat
gefällt dir am
Beschten un dengem
Beruff?

Am beschte gefällt
mir, datt et ganz
ofwiesslungsräich
ass. Ech ka vill verschidde Saachen
um Computer, an eise Sammlungen
oder dobausse maachen. Ech kann
d'Fuerschung no vir bréngen. D'Aarbecht
mat Leit an dës zum Staune bréngen,
mécht mir och besonnesch vill Spaass.

Wollts du schonn ëmmer am
Naturmusée schaffen?



Neen, ech wollt
ëmmer op der Uni
schaffen. Den Zoufall
huet mech dunn an den
Naturmusée op Lëtzebuerg
bruecht. Doriwwer sinn
ech extreem frou.

Kanns
du eis nach
iergendeppes Cooles
iwwer däi Beruff
verroden?

Wa mir
an der
Natur op
der Sich no

Wëllbeie sinn, hu mir ëmmer Äis
dobäi. Wa mir eng Wëllbei fänken, da gëtt dës op
Äis geluecht. Duerch d'Keelt beweegt si sech net
méi. Da leeë mir si ganz schnell an eng Fotobox an
hunn e puer Sekonnen Zäit eng Foto ze maachen,
dono flitt d'Bei erëm fort.





**Wat war dann däin
Dramberuff als Kand?**
Ech wollt schonn
ëmmer Biolog ginn,
d’Natur, d’Fossilien
an d’Steng hunn ech
schon als kleng Jong
extrem spannend fonnt.



**Wat hues du geléiert fir am
Naturmusée ze schaffen?**
Ech hu Biologie studéiert, dono
hunn ech een Dokter gemaach
a mech hei scho ganz vill mat
Hielendéiere beschäftegt.



**Wat war däi Liblingsfach an der
Schoul?**
Sport a Biologie.



**Wou ass deng Liblingsplaz
ronderëm de Musée?**
Meng Mëttespaus
verbréngen ech ëmmer mat
Vue op d’Kasematten, do ginn
et och vill spannend Hiele fir
z’erfuerschen.




**Hues du nach een
Tipp un eis Lieser a
Lieserinnen?**

**Gitt eraus an d’Natur, do gëtt et esou
vill Spannendes a Faszinéierendes ze
entdecken.**

Wann s du eng vun den iwwer 300
Wëllbeien, déi zu Lëtzebuerg liewen,
gesäis, da kanns du dës hei bestëmmen: beelibre.lu



Echt Villerchersnimm





Fënns du eraus, wéi ee Villche bei wéi eng Zeechnung passt?
D'Opléisung fënns du op der Säit 3.



Phylloscopus collybita



Hydrobates leucorhous



Jynx torquilla



Aegolius funereus



Larus marinus



Tadorna ferruginea



Troglodytes troglodytes



Phylloscopus sibilatrix



Du brauchs:
4 Eeërkartongen
Schéier
Faarwen
Pinsel
Pech
Ficelle

Schneit aus dem Eeërkartong
dösen Deel eraus an eng Floss
aus dem Deckel.

Mol d'Deeler faarweg
an een A op de Kapp.

8x

1x

1x

Schneit déi hënnescht
Floss eraus.

Pech dës un een
aneren Deel.

4

Wat maachen
d'Fësch am Wanter?
Fësch si wiesselwaarm, hier
Kierpertemperatur ass also nämmlecht
wéi d'Temperatur vum Waasser.
Déi meescht Fësch bei eis zu Lëtzebuerg
reduzéieren hier Beweegungen,
den Häerzschlag, d'Ootmung
an d'Verdauung.



Maach duerch all deng
Deeler eng Ficelle.

5

Pech déi säitlech Floss un.

6

De Panewippchen

'natur musée' - 25, rue Münster -
L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450
www.naturmusee.lu
www.panda-club.lu

Impressum

Redaktiounscomité:

A. Bis, S. Goerens, C. Greisen, M. Hagen Hagen, S. Hagen,
G. Kersch, M. Kirsch, J. Meyer, P. Michaely, F. Theisen,
S. Weber.

Texter:

L. Berchem, C. Biel, A.-M. Bis, A. Fischer, C. Greisen,
S. Hagen, C. Heidt, G. Kersch, B. Minette, J. Schmit,
S. Weber.

Grafik an Illustratioun:

L. Berchem, L. Knaff, S. Goerens, S. Hagen.

Fotoen:

S2 Sprangspann: Aurélie Colling, Glaskraut: Laura Daco
S4 shutterstock,
S5 Portrait Jan Kamensky: Maximilian Probs,
Musée vun der Zukunft: Jan Kamensky, Blumen:
shutterstock
S6&7 Musée vun der Zukunft: Jan Kamensky, Schoul a
Blumen: shutterstock, aner: Panda Club mam Programm
Canva.
S8&9 Hannergrondbild, Klengen am Nascht an Eeër:
Claude Heidt, Gaarderoutschwanz séngt: Adobe stock,
Weibchen Hausroutschwanz: Charles J. Sharp, aner:
shutterstock
S10&11 MNHNL
S12&13 Dachs: Ian McIntosh, aner: shutterstock
S14 MNHNL
S15 Foto uewen: MNHNL, Foto ënnen: Jessica Theis
S16 MNHNL
S17 Foto uewen: Elisha Winkel, Foto Mëtt: Jessica Theis,
Foto ënnen: MNHNL
S18 Adobe stock
S20&21 Hausspann: Judy Gallagher, Grouss Hausspann:
Wildfeuer, Haiten: Jon Richfield, aner: shutterstock
S22&23 Fuedem spannen: C. Frank Starmer,
Waasserspann: Norbert Schuller, aner: shutterstock
S30-35 Pizza, Hiel, Käscher: shutterstock, aner: MNHNL
S37 shutterstock
S38&39 MNHNL

Poster:

S1 Vullen Quiz: shutterstock, aner: MNHNL
S2 shutterstock

De Panewippchen
gëtt ënnerstëtzt vun

Ministère de la Culture -
Musée national d'histoire naturelle -
Administration de la Nature et des Forêts -
Ministère de l'Environnement, du Climat et du
Développement durable -

Abonnementer & Info

panda-club@mnhn.lu
Tel.: 462233 450

Als Member vum Panda Club kriss du d'Zeitung
„De Panewippchen“ 4 mol am Joer geschéckt.
Fir Erwuessener, déi „De Panewippchen“ fir e Group
vu Kanner wëllen abonnéieren, si 6 Exemplare vun
all Nummer gratis, vum 7. Exemplar u free mir en
Onkäschtebäitrag vun 1 Euro pro Ausgab a pro Exemplar.

LES SOUVENIRS LA NATURE

Biodiversität in der Stadt

AUSSTELLUNG

25.04 — 19.10.2025



DI 10:00 – 20:00, Eintritt frei ab 17:30 Uhr
MI — SO 10:00 – 18:00 Uhr

Nationalmuseum für Naturgeschichte
25, rue Münster | L-2160 Luxembourg



NATUR
MUSÉE

MUSÉE NATIONAL
D'HISTOIRE NATURELLE
LUXEMBOURG